N°5876
Reçue le 04.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.03.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Luxair schöpft Hoffnung*", deen den 21. Februar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt d'Luxair d'selwescht wéi aner grouss europäesch Fluchgesellschaften en dréngenden Appell un d'EU-Kommissioun riicht, hir Slot-Politik fir d'Zäit vun der COVID-Situatioun dréngend réckwierkend unzepassen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) Wéi steet den Här Minister zu dëser Fuerderung vun der Luxair an anere Fluchggesellschaften? Ënnerstëtzt den Här Minister dës Uleis politesch um Niveau vun der EU?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°5876
Reçue le 21.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'Parlamentaresch Ufro n° 5876 vum 4. Mäerz 2022 vum honorabelen Här Deputéierte Jeff Engelen

De Minister huet d'Uleies vun der Luxair wat Sloten ugeet, am Kader vun den Diskussiounen mat der EU Kommissioun während de leschte Méint ëmmer ganz kloer ënnerstëtzt an och entspriechend Courrieren un d'Kommissioun geschéckt.

Fir méi Detailer verweisen mer op d'Äntwerten op d'Parlamentaresch Ufroen n° 5478 vum 7. Januar 2022 an n° 5638 vum 1. Februar 2022 vun den Hären Deputéierte Goergen an di Bartolomeo.

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch